



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le 12 mars 2019



**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec**  
**le Parlement**

**Service Central de Législation**  
**43, boulevard F.D. Roosevelt**  
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et du Ministre de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire à la question parlementaire N°340 du 11 février 2019 de l'honorable député Monsieur Laurent Mosar, concernant les voitures à hydrogène, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**  
**Ministre de la Mobilité**  
**et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech  
Aarbechten an vum Här Claude Turmes, Minister vun der Energie an dem  
Aménagement du Territoire, op di parlamentaresch Ufro n° 340 vum 11. Februar 2019  
vum Här Deputierte Laurent Mosar**

Den honorable Deputierte Laurent Mosar freet Informatiounen iwwert d'Potential vu Waasserstoffautoen zu Lëtzebuerg.

Et gëllt ze beuechten datt et 2 Kategorie vu Waasserstoffautoe gëtt. Bei der éischter gëtt Waasserstoff an engem Verbrennungsmotor agesat an doduerch produzéiert d'Gefier och lokal Emissiounen. Wëll et sech heibäi awer ëm eng Technologie handelt déi hautdesdaags net méi oft an der Automobilindustrie agesat gëtt, ass dervun auszegoen datt d'Fro vum honoréierten Deputierten iwwert déi zweet Kategorie geet. Bei dëser gëtt de Waasserstoff am Gefier an enger Brennstoffzell a Stroum ëmgewandelt. Et handelt sech hei ëm een Elektroauto, wou de Stroum direkt am Gefier iwwert d'Brennstoffzell hiergestalt gëtt an och keng schiedlech lokal Emissiounen entstinn.

Wéi an der rezenter Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°243 schonn erklärt, gëllt bei Brennstoffzellenautoen déi mat Waasserstoff ugedriwwen ginn awer ze berécksiichtegen, dass d'Produktioun, d'Verdeelung op Tankstellen an déi lokal Späicherung vu Waasserstoff vill méi energieintensiv sinn am Verglach zur direkter Notzung vum Stroum an engem Elektroauto. Sou brauch een ongeféier haut dräi mol souvill Stroum fir ee Kilometer mat engem Brennstoffzellenauto mat Waasserstoff ze fuere, wéi wann een de Stroum direkt an engem Elektroauto mat enger Batterie notzt. Zousätzlech gëtt fir den Asaz vu Waasserstoff eng opwändeg an extrem käschtenintensiv Produktiouns-, Verdelungs- an Tankinfrastruktur gebraucht, wat bei de Batterieautoen net de Fall ass, well hei op e gutt ausgebaut Stroumnetz zréckgegraff ka ginn.

Brennstoffzelle mat Waasserstoff kéinten an Zukunft eng komplementar Roll zur Elektromobilitéit spillen. Aus dëse Grënn si Brennstoffzelleautoen och eligibel fir déi Primm vu 5.000 €, déi d'Regierung am Januar 2019 agefouert huet.

Am Moment ginn et keng Waasserstofftankstellen zu Lëtzebuerg. Am Regierungsprogramm ass awer festgehalen d'fir ze suergen datt an dëser Legislaturperiod eng Statioun installéiert soll ginn, fir domat e Bäitrag beim Opbau vun engem europawäiten Netz un Waasserstofftankstellen ze leeschten.